# *Déi jonk gréng Netikette*

Fir dass e gudden a fairen Dialog op eiser Säit/an eiser Grupp stattfanne kann, hunn mir eis dës Reegele ginn, déi dir wgl. respektéiere sollt:

1. Bedenk, dass um aneren Enn och e Mënsch mat enger Meenung a Gefiller setzt, éier du eppes posts oder kommentéiers.

2. Fleeg ëmmer en héiflechen a respektvollen Ëmgang.

3. Respektéier d'Meenunge vun anere Leit.*

4. Hate Speech an Opriff zur Gewalt sinn net erlaabt.

5. Deel keng Fake News oder Inhalter vu Quellen, déi net seriö sinn.

6. Respektéier d'Privatsphär vun anere Mënschen.

*Inhalter, déi net erlaabt sinn, also Rassismus, Antisemitismus, Xenophobie, Sexismus, Homophobie, Ableisme, etc. si keng Meenung, mee sinn Hate Speech a gi vun eis net toleréiert.

**Beim Verstouss géint eis Netikett, huele mir eis d'Recht fir, de Kommentar bzw. de Post ze läschen. Bei widderhueltem Verstouss oder bei engem schlëmme Verstouss gesi mir eis gezwongen, Leit ze blockéieren an/oder aus de betraffene Gruppe raus ze geheien.**